

Gemeng Rammerich

Gemengerotssëtzung vum 25. Mäerz 2021

Dagesuerdnung:

- 1. Deliberatioun iwwer d' Aféiere vu finanziellen Hëllef fir Privatleit, déi Energiespuermesuren an d' Weeër leeden.**
- 2. Revisioun vum Reglement, dat souwuel d' Subventiounen fir Installatiounen festleet, déi et erlaben, Solarenergie duerch den Asaz vu solarthermesche Kollektoren ze notzen, wéi och d' Subventiounen, déi fir d' Abaue vu Reewaasser-Kollektoren accordéiert ginn.**
- 3. Deliberatioun iwwer d' Opdeelee vu verschiddene Kadasterparzelle mam Ziel vun enger spéiderer Bebauung.**
- 4. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemigung vun engem Projet betreffend eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich a Verbindung mat Terrainen am Zentrum vu Rammerich (rue Principale-rue du Brill).**
- 5. Deliberatioun iwwer d' Geneemigung vun der Konventioun a vum Ausféierungsplang, déi am Kader vun der Ëmsetzung vum PAP „rue de Lannen“ zu Hueschtert ausgeschafft goufen.**
- 6. Deliberatioun betreffend d' Ëmklasséierung vu 6 Parzellen vum kommunalen öffentliche Domaine an de kommunale privaten Domaine (Wolwen, rue de l' Ermitage).**
- 7. Deliberatioun iwwer d' Geneemigung vun de Bipartite-Konventiounen 2021 am Zesammenhang mat de kommunale Strukture fir d' Kannerbetreuung.**
- 8. Deliberatioun iwwer en ze verfaassenden Avis iwwer d' Aklasséierung vun engem Gebai um Territoire vun der Gemeng als nationaalt Monument.**
- 9. Deliberatioun iwwer d' Geneemigung vun enger Rei vun notariellen Akten.**
- 10. Deliberatioun iwwer d' Geneemigung vun engem Loyerskontrakt.**
- 11. Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d' Festleeung vu Funktionnements-Subside fir lokal Veräiner, a verschidde Cotisatiounen.**
- 12. Deliberatioun iwwer d' Verkéiersregelung während den Deeg op deenen am Joer 2021 ee mol am Mount e Maart organiséiert gët.**
- 13. Deliberatioun iwwer déi nodréiglech Geneemigung vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngliche Verkéiersreglementer.**
- 14. Deliberatioun iwwer d' Geneemigung vun Deklaratiounen betreffend Recetten.**
- 15. Äntwerten op Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.**

Un der Sätzung huelen deel:

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Fränk Melchior (CSV), Guy Molitor (DP), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Et feelt entschëllegt: Patrick Schuller (LSAP).

Marc Pletgen, Gemengesekretär, a Conny Wantz, Redakter.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begréisst d'Membere vum Conseil a gëtt bekannt, dass bei dëser Sätzung éischtmoleg ee vun der Kommunikationsagence Brain & More beoptraagte fräiberuffleche Redakter dobäi ass, deen de Sätzungsbericht fir an d'Infoblat vun der Gemeng Rammerich soll redigéieren. Dës Persoun géif, fir déi spéider Nidderschrëft z'erliichten, och eng Tounopnam vun der Sätzung maachen - dat natierlech am Respekt vun alle Reegele vum Dateschutz.

D'LSAP-Fraktioun huet eng Motioun agereecht, déi als zousätzleche Punkt op den Ordre du Jour kënnt.

De Buergermeeschter informéiert de Conseil och, dass déi nächst Gemengerotssätzungen den 20. Mee, de 17. Juni an de 15. Juli wäerte stattfannen an iwwergëtt dann d'Wuert un den Här Stéphane Devillet, Beroder am Réidener Energieatelier, deen d'Conseilleren zesumme mam Här Joël Toutsch iwwert déi vum Buergermeeschter- a Schäfferot geplangte Subsiden fir den Asaz vun erneierbaren Energien informéiert.

1. Deliberatioun iwwer d'Afféiere vu finanziellen Hëllef fir Privatleit, déi Energiespuermesuren an d'Weeër leeden.

No Meenung vum Här Devillet soll d'Ziel vu Gemengeprimme sinn, d'Notzung vun erneierbaren Energien z'ënnerstëtzen, d'Energieeffizienz an de privaten Haushalter ze verbessern an d'Bierger fir Ëmweltmoosnamen ze sensibiliséieren. Et weist sech, sou den Expert, dass, wann d'Subsiden vu Staat a Gemeng erhéicht ginn, och den Intressi vun de Privatleit eropgeet. Dat géif een och däitlech doru gesinn, dass ëmmer méi Leit sech un den Energieatelier wenden, fir beroden ze ginn. Et kéint een dovun ausgoen, dass ongeféier 40 Haushalter kéinten an nächster Zäit an de Genoss vun esou Primme kommen.

Nieft de Subside fir Energiespuermesuren, déi et bis ewell scho gin (Thermisch Solaranlage fir Waarmwaasser: 1.250 € fir Eefamilljenhaiser/7.500 € fir Residencen; Thermisch Solaranlage fir Waarmwaasser mat Ennerstëtzung fier d'Heizung: 2.000 € fir Eefamilljenhaiser/8.500 € fir Residencen; Installatioune fir d'Opfänke vu Reewaasser: 100 % vun der Primm, déi de Staat accordéiert; Photovoltaik-Anlag: 50 % vun der Primm, déi de Staat accordéiert) sollen an deem Sënn weider Ureizer geschaaf ginn, fir d'Bierger dozou

z'encouragéieren, d'Installatiounen an hiren Haiser méi ëmweltgerecht ze maachen. Dobäi handelt et sech ëm kommunal Bähëllef fir verschidde Renovatiounsarbichten, den Abau vu geothermesche Wärmepompelen, vu Waarmloft/Waasserpompelen, vu Chaudièren, déi mat Granuléen oder „Pellets“ gehëtzt ginn, vu Chaudièren, déi mat Holz oder enger Kombinatioun aus Holz a Granuléen gehëtzt ginn a vun lewen, déi mat Granuléen gehëtzt ginn.

Bei der Berechnung vun deenen neie Primmen, déi accordéiert ginn, gouf sech op d'Primme vum Staat baséiert. Während bei deenen enge Primmen am Projet e feste Montant virgeschloe gouf, war bei aneren 25 % vun der „Staatsprimm“ virgesinn. No kuerzer Diskussioun eenegt sech de Gemengerot dorop, dass bei allen neie Primmen de Prinzip „25 % Prozent vun der staatlecher Primm“ soll applizéiert ginn. Berechtegt fir déi kommunal Primm ass een, soubal dës staatlech Primm accordéiert ass; et kommen all Energiespuermesuren a Fro fier déi den Zertifikat fier déi staatlich Primm nom 1. Januar 2020 ausgestallt ginn ass.

De Projet hat ausserdeem virgesinn, dass een d'Primme vun der Gemeng nëmme kéint ufroen, wann een nieft der staatlecher Basisprimm och de staatlechen Zousaz-Bonus fir den Asaz vun ekologeschen an nohaltege Materialien bei Renovatiounsarbechten accordéiert krut. Dës Virbedingung gëtt allerdings gestrach, nodeems sech d'Vertrieder vun den DP- an LSAP-Fraktiounen dogéint ausgesprach hunn: Et wier ee scho frou, sou de Konsens, dass d'Leit eppes fir d'Ëmwelt géife maachen, et sollt een net och nach erschwéierend Bedingungen dobäi stellen. All Bierger wier awer gutt beroden, virun esou Aarbichten den Energieatelier ze consultéieren, deen eng neutral Berodung bitt an den Intresséierten och d'Prozedure fir d'Ufroen vun de Primme genee erkläert.

All uwiesend Gemengerotsmemberen stëmme fir d'Afféiere vun deem ergänzte Primmesystem.

2. Revisioun vum Reglement, dat souwuel d'Subventiounen fir Installatiounen festleet, déi et erlaben, Solarenergie duerch den Asaz vu solarthermesche Kollektoren ze notzen, wéi och d'Subventiounen, déi fir d'Abau vu Reewaasser-Opfänkanlagen accordéiert ginn.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) schléit vir, dat betreffend Reglement fir eng besser Verständlechkeet liicht ëmzeänneren, woubäi bei de Subventiounen, déi d'Gemeng fir d'Installatioun vu Reewaasser-Opfänkanlagen accordéiert, net méi soll duerno gekuckt ginn, ob déi Modifikatioun elo an engem Appartements- oder an engem Eefamilljenhaus gemaach ginn ass. An Zukunft soll sech villméi no der jeeweils offiziell vum Staat accordéierter Hëllefprime geriicht ginn, déi momentan op 1.000 € plafonéiert ass, sou dass d'Gemeng deemno nach eng Kéier dee selwechte Montant bäisteiert. Op d'Fro vun der Conseillère Myriam Picard (LSAP), op an den Text „1000 €“ oder „100 % vun der staatlecher Primm“ soll stoe kommen, gëtt sech no kuerzem Debat op déi leschtgenannte Formulierung gëeenegt.

Dës Textemännerung vum Reglement gëtt vu sämtleche Conseillere guttgeheescht.

3. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle mam Ziel vun enger spéiderer Bebauung.

Et handelt sech dobäi ëm Landparzellen an der „rue de Roodt“ zu Rammerich an an der „rue Principale“ zu Wolwen, déi nei opgedeelt ginn.

D'Membere vum Gemengerot erkläre sech ausnamslos mat der Opdeelung averstanen.

4. Deliberatioun iwwert déi definitiv Geneemigung vun engem Projet betreffend eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich a Verbindung mat Terrainen am Zentrum vu Rammerich (rue Principale-rue du Brill).

Déi punktuell Ännerung betrëfft Terrainen, déi bis elo ënnert „zone de sports et de loisirs - activités en plein air“ klasséiert waren an elo als „zone mixte villageoise“ gefouert ginn. Weiderhin sollen Deeler vun engem Terrain, deen der Gemeng gehéiert, an Zukunft als „zone de bâtiments et d'équipements publics – équipements techniques alimentation en eaux potables, assainissement et rétentions des eaux“ an als „zone mixte villageoise“ definéiert ginn. Den Terrain a senger Gesamtheit gëtt ausserdeem „zone soumise à un plan d'aménagement particulier - nouveau quartier“.

Dës punktuell Ännerung gëtt allgemeng akzeptéiert an de Projet ouni Géigestëmm definitiv gestëmmt.

5. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vun der Konventioun a vum Ausféierungsplang, déi am Kader vun der Ëmsetzung vum PAP „rue de Lannen“ zu Hueschtert ausgeschafft goufen.

Dëse Projet, sou de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), war schon an engem viregte Conseil definitiv gestëmmt gin a ët geet elo drëm d'Konventioun fier d'Emsetze vum Projet mam Promoteur zur Ofstëmmung ze bréngen. Soubal sech d'Covid-Situatioun berouegt hätt, stellt den Här Rodesch an Aussicht, géif d'Strooss definitiv fäerdegemaach ginn.

All Conseilsmembere geneemegen d'Konventioun mam Ausféierungsplang.

6. Deliberatioun betreffend d'Ëmklasséierung vu 6 Parzelle vum kommunalen öffentlechen Domaine an de kommunale privaten Domaine (Wolwen, rue de l'Ermitage).

Och dëse Projet betreffend d'Ëmklasséierung vu 6 Parzellen (ronn 1,3 Ar) vum kommunalen „domaine public“ an de kommunalen „domaine privé“ war schon an engem viregte Conseil am Kader vun engem „Projet de morcellement“ beschwat ginn.

D'Ëmklasséierung gëtt allgemeng guttgeheescht.

7. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vun de Bipartite-Konventiounen 2021 am Zesammenhang mat de kommunale Strukture fier d'Kannerbetreung.

Dës Konventioun tëschent der Gemeng Rammerech an dem Staat beziffert déi viraussichtlech Käschten fir déi genannte Servicer op 1.641.911 €, vun deenen de Staat 1.231.433 € iwwerhëlt, sou dass fir d'Gemeng nach 410.478 € ze droe bleiwen.

D'Konventioun gëtt eestëmig ugeholl.

8. Deliberatioun iwwer en ze verfaassenden Avis iwwert d'Aklasséiere vun engem Gebai um Territoire vun der Gemeng als nationaalt Monument.

An engem Schreiwes biet d'Kulturministesche Mme Sam Tanson de Rammericher Gemengerot ëm en Avis betreffend d'Aklasséiere vun engem Gebai um Terrain vun der Gemeng als „Monument national“. De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) fënnt dës Demande op d'mannst befruedlech: D'Gemeng géif sich vill Aarbicht maache, fir e PAG opzestellen, dobäi géifen och Visitten um ganze Rammericher Territoire gemeet gi fir festzeleeën, wat schützenswäert wier. Dat géif dann am PAG festgehale ginn a jiddweree Betraffenen hätt och d'Recht, géint d'Decisioun ze reklaméieren. Duerno wier déi Prozedur ofgeschloss, dofir wier et schwéier ze verstoen, dass elo vun externer Säit nei Virschléi kéimen. Hie géif sech froen, sou den Här Rodesch, op dat hei elo vun de Besëtzer selwer oder vu Sites et Monuments ugereegt gi wier.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) wëll wëssen, wéi d'Gemenge-Prozedur genee géif oflafen. De Buergermeeschter äntwert, d'Leit hätten no der Publikatioun dräi Méint Zäit ze reklaméieren, wa bis dohin näischt kéim géif een dovun ausgoen, dass si mat der Klasséierung averstane wieren.

De Conseiller Fränk Melchior (CSV) bezweifelt, dass betraffe Leit iwwer all dës Prozedure genuch informéiert sinn a mengt, si géife vläicht esouguer iwwerrumpelt ginn.

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) gesäit nit an, firwat et um Gemengerot sollt sinn, esou en Avis afzeginn. D'Gemeng géif dat just am Kader vum PAG préiwen, all Fall misst awer eenzel genee analyséiert ginn. Dat wier awer nit Aufgab a Verantwortung vun engem Gemeengeconseil.

De Conseiller Guy Molitor (DP) seet, seng Fraktioun wier total dogéint dass e Gebai géif klasséiert gi wann de Proprietär nit domat averstane wier.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) freet, op dee betreffende Fall da scho vun der Gemeng gepréift gi war. De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) mengt, dat wier de Fall, wëll sech awer doriwwer nach genee rensignéieren. Hie stéing mat Sites et Monuments fir weider Informatiounen a Kontakt a géif och mat deene betraffene Propriétaires nach perséinlich schwätzen.

Mat 6 Stëmmen a 5 Enthaltungen gët de Gemengerot e positiven Avis.

9. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vun enger Rei vun notariellen Akten.

Eng Rei notariell Akten, betreffend engersäits Parzellen, déi der Gemeng am Kader vu Lotissementsprojeten gratis ofgetruede gi sinn an andersäits kommunal Parzellen, déi d'Gemeng ofgëtt, well si se nit ka gebrauchen, ginn de Conseilleren viergeluegt.

Déi notariell Akte ginn eestëmmeg akzeptéiert.

10. Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem Loyerskontrakt.

Tëschent der Gemeng an engem Awunner vun der Gemeng, deen an akuter Wunningsnout war, gouf e Kontrakt iwwert eng Wunning um éischte Stack vum „Härenhaus“ an der „rue du Village“ zu Bungeref afgeschloss. D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) freet, op déi am Kontrakt verzechent Compteur fir d'Erfaassung vun de Charge schonn opgeriicht wieren. De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) seet, hie géif unhuelen, dass dat sou wier, versprécht awer, dat nozefroen. De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) erkënnegt sech, ob dann elo nach kommunal Wunnungen iwwerig bléifen, déi bei Noutfäll wéi zum Beispill engem Wunningsbrand zur Verfügung kéinte gestallt ginn. Den Här Rodesch seet dozou, am selwechten Haus géif um Rez-de-chaussée nach eng Wunning ageriicht ginn. Et kéint een allerdéngs Wunnungen net onendlich eidelstoeloose fir de Fall, wou dann emol esou eng Noutsituatioun antrëtt, mengt de Buergermeeschter.

De Kontrakt gëtt eestëmmig approvéiert.

11. Revisioun vun der Deliberatioun iwwert d'Festleeung vu Funktionnements-Subside fir lokal Veräiner, a verschidde Cotisatiounen.

De Buergermeeschter- a Schäfferot proposéiert, souwuel der UBL (Union belgo-luxembourgeoise), déi dëst Joer hiert 100-järgt Bestoe feiert, wéi och de „Military Veterans Luxembourg“ e Subsid vu jeeweils 250 € z'accordéieren. D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) renseignéiert sech, wat d'Missioun vun der leschtgenannter Associatioun wier. De Gemengesekretär Marc Pletgen erklärt dozou, laut hire Statuten géifen d'Military Veterans all déi Leit zesumme bréngen, déi am Dingscht vun der Arméi waren an och an deem Sënn mat auslänneschen Organisatiounen Kontakt haalen.

Et gëtt eestëmmeg beschloss, déi zwou Bähëllefen z'accordéieren.

12. Deliberatioun iwwer d'Verkéisereegelung während den Deeg op deenen am Joer 2021 ee mol am Mount e Maart organiséiert gët.

Als Datume fir de Maart sinn den 21. Abrëll, de 19. Mee, de 16. Juni, den 21. Juli, den 18. August, de 15. September, den 20. Oktober an de 17. November 2021 festgehale ginn, un dësen Deeg gëllt och eng speziell Park- a Verkéisereuelung an de Stroossen ëm d'Rue du Nord. De Buergermeeschter mierkt dozou unn, dass Leit, déi hieren Auto op der Parkplaz mat der Elektro-Luedstatioun hunn, dës sollen ewechhuelen, ier de Maart ufänkt. Déi Plaz wier iwwerengs souwisou keng Dauer-Parkplaz, déi een e ganzen Dag laang blockéieren dierft. De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) seet, fir sou Fäll géife Sociéitéite wéi Chargy esouguer eng Strof verrechnen. Den Här Hengen a seng Fraktiounskolleegin Myriam Picard fannen am Allgemengen, dass fir d'Leit, déi op de Maart ginn, nit genuch Parkplazen zur Verfügung géife stouen, déi no genuch sinn. D'Madamm Picard reegt un, d'Bierger méi iwwert d'Parkméiglechkeeten an och iwwert de Maart z'informéieren, zum Beispill iwwert de Wee vun de soziale Medien.

D'Verkéisereegelung gëtt vun alle Conseilleren ugeholl.

13. Deliberatioun iwwer déi nodréiglech Geneemigung vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngleche Verkéiersreglementer.

Déi temporär Moosnamen an der Rue du Lac bzw. an der Rue Jean-Jacques Klein zu Uerschdref an um Uert genannt „In Solenbour“ zu Holtz gin nodréiglech ouni Géigestëmm approvéeiert.

14. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vun Deklaratioune betreffend Recetten.

D'Recetten-Deklaratioune gi vun alle Gemengeconseillere a -conseillere ennerschriwwen an domat approvéeiert.

15. Äntwerten op Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.

Eng vun de Conseillere Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller (all LSAP) schrëftlich agerechte Fro weist op eng defekt Bausse-Luucht op der hënneschter Säit vum Bilschdrëfer Festsall hinn, déi misst reparéeiert ginn, well si d'Noutausgankstrap beliicht an do och en Defibrillator installéeiert ass. Eng zweet Fro am selwechte Schreiwes betrëfft een duerch e rezente Wandstuerm beschiedegte Bam am Neimillewee, deen eng Gefor fir d'Benotzer vun deem Wee kéint duerstellen. De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) äntwert, déi ugeschwate Luucht wier an Tëschenzäit gefléckt ginn a wat de Bam ugeet, géif hien de kommunale Service Technique informéieren. An dësem Zesammenhank biet de Buergermeeschter d'Gemengeconseillere, sech am Beschten, wa si Kenntnis vun esou Problemer kréien, direkt un de Service Technique ze wenden, fir dass déi Problemer direkt kënne behuwe gin.

16. Motioune vu Conseilsmemberen

An enger Motioun verlaangen d'LSAP-Conseillere Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller, dass déi vun de verschiddene politesche Fraktiounen un de Buergermeeschter- a Schäfferot geriichte Froen am Accord mam Artikel 25 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 ëmmer sollen am Infoblat vun der Gemeng Rammerich publizéeiert ginn.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) verséichert, dat géif an Zukunft och gemeet ginn an erënnert dobäi u seng Ausso vum Ufank vun der Sëtzung, dass ee vu Brain & More geschéckte Redakter e Seance-Bericht géif verfaassen. D'Resultat misst een ofwaarden an dann zesumme kucken, op dat den Erwaardunge vun de Conseilsmemberen entsprécht oder op nach Ännerungen an der Methodik néidig sinn.

De Conseiller Guy Molitor (DP) fënt déi vun der LSAP-Fraktioun gestallte Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot haaptsächlech politesch motivéeiert an oft banal. Senger Meenung no géif et den LSAP-Conseillere domat haaptsächlech dorëm gouen, hier Aarbecht am Gemengerot grouss erauszestellen. Dofir wier hie perséinlech géint eng Publikatioun vun esou Froen.

D'LSAP-Conseillere Sascha Hengen a Myriam Picard (LSAP) froen den Här Molitor, ob hien ieren eng Zensur wéilt a betounen, si wéilte mat hire Froestellung kengeswees Polemik bedriewen. Et sollt een et de Lieser a Lieserinne vum Infoblat iwwerloossen, doriwwer ze befannen, ob di Froe banal sinn oder nit.

Well d'Veffaasser bei der Nidderschrëft vun där Motioun nit konnte wëssen, dass de Buergermeeschter- a Schäfferot nei Weeër an der Publikatioun vum Gemengerotsbericht wëll aschloen, zéien si hir Motioun zeréck an erkläre sech bereet, fir t'éischt emol de Bericht iwver dës Sëtzung afzewaarden.